



Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz :2024.59941.SECR

Péteng, den 1. Mäerz 2024

Betreff: Är Froe vum 3. Februar 2024

(Den Dossier gött bearbecht vum Här Christophe Ferreira -Tel. : 50 12 51 – 3053)

Här Chris Bernard,

An ärem Bréif vum 3. Februar 2024 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Op der Héischt vum grouse Supermarché zu Péteng, mei genau op der Kräizung zwëschent der rue Pierre Grégoire an der route de Longwy ass een Haus ze verkafen.

Den Terrain vum ugeschwatem Haus, reecht bis an des Kräizung eran, plus mëscht dësen Terrain d'Ugrenzung un d'rue des Jardins, wat parallel Strooss vun der route de Longwy ass.

Gewosst ass dat a Richtung Zone commerciale een néie, weideren, Supermarché geplangt ass an dat op der ongerouter Stroossesäit vun der route de Longwy, säitens vun der Hausnummer 59, rue des Jardins, eventuell eng nei Stroosemündung vum Wunnquartier Projet um fréiere Site Eucosider ugeduecht ass.

Mir Piraten haten eis an der Vergaangenheet dofir ausgeschwat op dëser Platz ee Giratoire unzeleeën. Dës konzeptionell Verkéiersplanung promouvéieren mer, fir op eng ugoen Circulationsdensiteit ze reagéieren.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

- 1. Huet de Gemengerot sech schonn zukunftelech Gedanken iwwert de Verkéierskonzept vun dëser Kräizung (zwëschent der route Longwy, der rue des Jardins an der rue Pierre Grégoire) gemaach?*
- 2. Kéint de Gemengerot sech virstellen dësen Terrain unzeschaffen, fir an noer Zukunft d'Verkéierskonzept op dëser Platz entscheed ze verbesseren a matgestalten ze kennen?*

*Mat Respekt,
Chris Bernard
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Bernard,

1. All d'Kordall Gemenge schaffen an Zesummenaarbecht mat der Administration des Ponts et Chaussées un engem regionale Mobilitéitskonzept. An deem Kontext ass parallel de Schäfferot mam Bureau Schroeder & Associés a mat den eenzelnen Kordall Gemengen a Verbindung fir gemeinsam e lokaalt Mobilitéitskonzept ze gestalte wat an dat globaalt Mobilitéitskonzept mat agebonne gött.
2. Als Äntwert op är zweet Fro kläert de Schäfferot gemeinsam mat der Administration des Ponts et Chaussées , ob de Kaf vum Haus eng Plus-value wier a falls et vun der Administration des Ponts et Chaussées erwünscht ass, kann de Schäfferot déi éischt Gespréicher mat de Proprietairë féieren, fir hinnen de Projet virstellen an den Interesse vum Staat matzedeelen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,